WAT äntueren?

# Mamm/Papp, war Är éischte Kéier schéin?

## Wat geschitt beim Sex



## Ënnert dem Afloss vun den Emotiounen...

Mat Äre Kanner iwwer Sex ze schwätzen, léisst lech selbstverständlech un Är eegen Erfarungen an Duerstellunge vu Sexualitéit denken. Aus dësem Grond kann esou eng Fro e Schock sinn a vill Leit aus dem Konzept bréngen.

## „Theoretesch" Repèren

Jonk Leit stelle Froen, déi heiansdo peinlech sinn oder een aus der Bunn werfe kënnen. Vill Erwuessener hunn de Reflex, alles soen ze mussen, awer si wëssen net ëmmer, wat si soe kënnen oder wéi vill si erkläre sollen.

**Ab 9 Joer** wëll d'Kand virun allem wëssen, wéi de Penis an d'Scheed andréngt.

## D'Meenung vun den Experten/Expertinnen


D'Entwécklung vun der Sexualitéit ass am Teenageralter immens wichteg. Wärend de Kierper d'Verännerunge vun der Pubertéit duerchmécht, hëlt d'sexuellt Verlaangen zou. Meeschtens fänkt den Teenager mat sexuellen Experimenter un an akzeptéiert no an no seng Sexualitéit.

Natierlech spille romantesch Bezéiungen eng wesentlech Roll bei der Entwécklung vun der Sexualitéit, awer sexuell Aktivitéite kommen och bei kuerze Rencontreren, munchmol bei One-Night-Stands, zustan. Déi meescht Teenager gi beim Choix vun hire Partner selektiv vir an hu just ganz seele méi Partner.

D'Decisioune vu Jugendlechen, wat hiert Sexualverhalen ugeet, gëtt vun hire Bezuchspersounen (zu deene si emotional Bindungen hunn) beaflosst. Meeschtens sinn dat seng Elteren, dann elterlech Ersatzpersounen (z. B. Educateuren an enger Betreiungsstruktur).

## Tipps a méiglech Reaktiounen

- **Denkt drun, d'allgemeng Fiche Nr. 2 ze liesen.**
- Am beschten ass et, éierlech ze sinn. Et kann ee Saache ganz gutt erklären, ouni an den Detail mussen ze goen. Wann Dir Iech net kapabel fillt, direkt ze äntweren, da kënnt Dir dat och méi spéit maachen.
- **Setzt Iech d'Grenzen:** Et ass besser, esou wäit wéi méiglech net iwwer sech selwer ze schwätzen. Jiddereen huet seng eege Geheimnisser a munch Saache si privat. Loosst Äert Kand wëssen, dass Dir oppe fir e Gespréich sidd.
- „Dat ass wierklech eng gutt Fro, déi s du mir do stells. Looss mech e bëssen driwwer nodenken, well dës Fro ass wichteg an et soll ee richteg drop äntweren." Esou gëtt ee sech selwer e bëssen Zäit, fir d'penibelt Gefill an de Grëff ze kréien, an et kann een, wann een dat wënscht, Famill a Frënn ëm Rot froen. Vergiesst net, dass et Bicher zu dësem Thema gëtt, déi sech u verschidden Altersgruppen adresséieren an Iech hëllefe kënnen. Et ass wichteg, d'Thema nach emol opzegräifen an him z'äntweren, well et soss passéiere kann, dass et Iech net méi bei wichtege Froen ëm Rot freet.
- Gitt Ärem Kand Bicher, fir dass hatt d'Sexualitéit entdecke kann. Bitt him awer un, dass hatt mat Iech schwätze kann, wann hatt dat wëll.



planning familial

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe"-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**